

Alstad news

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

22/2016

Léif Frënn vum Comité Alstad!

D'Éimaische steet erëm virun der Dir, a mir wëllen lech an dësem Bulletin virstellen, wat dir do bei ons wäert fannen.

Wéi all déi lescht Joren natiirlech erëm e schéine Péckvillche vun onsem Member Sergio di Paoli. Mir loossen dëse Péckvillche wéi gewinnt am Autistenatelier an der Escher Kulturfabrik baken.

An da gëtt et dëst Joer eppes ganz Neies als Ufank vun enger Serie:

2016 ass en Dicks-Joer. Onsen Nationaldichter- a komponist ass 1891, also virun 125 Joer, gestuerwen. Wéi viru 25 Joer plange mir och dëst Joer an enger Feier am Hierscht un hien z'erënnere.

Fir d'Éimaische brénge mir en éischte vun enger Serie Tellere mat Operettemotive vum Dicks eraus, sou wéi de Joseph Probst se an der éischer Éimaischespublikatioun 1938 fir de Comité Alstad geschaf hat. Dir fannt d'Détailler an dësem Bulletin. De Comité wëllt hei der Famillje Probst villmols merci soen, datt si mat dëser neier Publikatioun d'accord ass.



An engem ganz aneren ordre d'idées:

Ech hunn dëser Deeg emol erëm an onsem Buch iwwert d'Grande-Duchesse Charlotte gebliedert, an do eng Foto vun der Éimaische vun 1976 fonnt, op där zesumme mat aneren eelere Membere vum Comité Alstad och schonn de Claude Esch ass. Dat wor viru 40 Joer. Et sinn also scho wéinegstens 40 Joer, datt hien als Member, déi

meescht Zeit dovun als Generalsekretär an als Iddiëliwwerant derbäi ass. Am Numm vum Comité Alstad, senge Memberen an all senge Frënn an der Stad an uechter d'Land, soen ech dem Claude e ganz grouse Merci fir sein Asaz a seng ustiechend Begeescherung.

MERCI CLAUDE ESCH!

lech wënscht de Comité, datt ons nei Objeten lech wärte gefallen, an datt mer ons op der Éimaischen den 28. März erëmgesinn.

Jean-Mathias Goerens
President.

Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwert är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn, Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher wéi z. B. Prässessiounen, Kommiounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze dinn hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllef kann oder weider Informatioun brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grouse Merci.

Comité Alstad a.s.b.l.

Siège : 1, rue de la Loge • L-1945
Boîte postale 1325 • L-1013 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88
Fax : (352) 40 97 50
E-mail : comite.alstad@pt.lu
www.comitealstad.lu

1890 – 2015

125 Joer Dynastie Lëtzebuerg-Nassau

De CoDe Comité Alstad huet fir den 125. Joresdag vun onser Dynastie eng Farde erausgi mam Portrait vum Grand-Duc Adolph, dem Grand-Duc Wëllem IV., der Grande-Duchesse Marie-Adelaïde, der Grande-Duchesse Charlotte, dem Grand-Duc Jean an dem Grand-Duc Henri. Derbäi ass eng Fiche mat biographeschen Notizen.

D'Portraitë goufen ons frëndlecherweis vum Groussherzoglechen Haff an dem Staatsmusée zur Verfügung gestallt.

D'Farde am Format DIN A4 gëtt et an 2 Versiounen:

Versioun 1) Fard nummeréiert mat engem Timber, deen de Grand-Duc Henri weist, a mam Post-Dagesstempel vum 09. Dezember 2015.

Versioun 2) Fard nummeréiert ouni Timber an ouni Dagesstempel.

D'Farde mat Timber a Dagesstempel kascht 35 €, d' Farde ouni Timber an Dagesstempel kascht 30 €.

Bestelle kann een d'Farde beim Comité Alstad duerch lwwerweise vun der entsprecherender Zomm op ee vun onse Konten:

bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

oder Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

oder bei der BGL-BNP Paribas:

IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

Vermierk: Farde 125 Joer Dynastie



Den Erléis ass fir d' Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse.

Ofhuele kann ee seng bestallten a bezuelte Farde Ouschterméindeg, den 28. Mäerz 2016 op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais, vu mueres 08:00 bis 12:00 Auer).

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, seng Bestellung an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 29. Mäerz bis den 1. Abrëll 2016 ofzehuelen, vu mueres 09:00 Auer – 16:00 Auer.

Péckvillchen 2016

Och fir d'Joer 2016 huet onse Member Serge Di Paoli nees e ganz flotte Péckvillchen entworfen. Réaliséiert gëtt de Péckvillchen 2016 erëm an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht, wou autistesche jonk Leit beschäftegt sinn. Bestelle kann een de Péckvillchen vun elo u bis de 26. Mäerz 2016 beim Comité Alstad, duerch lwwerweise vu 25 € pro Stéck op ee vun onse Konten:

bei der Spuerkees:

IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

oder Postscheck:

IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

oder bei der BGL-BNP Paribas:

IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

(mam Vermierk: Péckvillchen 2016)

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen Ouschterméindeg, den 28. Mäerz 2016 op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais, vu mueres 08:00 bis 12:00 Auer).

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, seng Bestellung an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass



um Fëschmaart, vum 29. Mäerz bis den 1. Abrëll 2016 ofzehuelen, vu mueres 09:00 Auer – 12:00 Auer.

Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2016 just an enger klenger Oplo vun 100 Stéck produzéiert gëtt, nummeréiert a mat engem signéierten Zertifikat vum Artiste.

Mir wënschen lech vill Freed mam Péckvillchen 2016.

De Fëschmaart

Dëse flotte Faksimile, (d'Original staamt aus der Hand vun onsem Member Fränz Jäger) weist ons e Symbol vun der Alstad, d'Mëchelskierch.

All Faksimile (Oplo 50 Stéck) ass vum Artist nummeréiert a signéiert.

Bestelle kann een dëse Faksimile (DIN A3) duerch lwwerweise vun 25 € op ee vun onse Konten:

bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

oder Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000


oder bei der BGL-BNP Paribas:

IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

Vermierk: Faksimile Fëschmaart

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Faksimile Ouschterméindeg, den 28. Mäerz 2016 op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais, vu mueres 08:00 bis 12:00 Auer).

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, seng Bestellung an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 29. Mäerz bis den 1. Abrëll 2016 ofzehuelen, vu mueres 09:00 Auer – 12:00 Auer.



MIR ZWÉ, MIR SOLLTEN ONS BESTUEDEN!

D'Grënnung vum Comité Alstad geet jo zrëck an d'Joer 1937. Dat Joer drop, 1938, gouf den éischten Éimaische-Souvenir verkaf. Dat wor eng Mapp mat 3 Zeechnungen vum Joseph Probst. Motiver vun deenen Zeechnunge woren Zeenen aus den Operette vun onsem Nationaldichter "Dicks"

Dëst Joer ass den 125. Joresdag vum Doud vum Dicks. An 2017 ass den 80. Joresdag vun der Grënnung vum Comité Alstad.

Mir hunn elo op déi 3 Zeechnunge vum Joseph Probst zrëckgegraff, a bidden lech als Objet fir 2016, 2017 an 2018 eng Serie vun Telleren (Ø 30 cm) un déi als Plateau, Sous-assiette oder Teller an och als Dekorationsobjekt Freed kënnen man.

Dëst Joer ass et d'Motiv "Mir zwé, mir sollten ons bestueden" mam Kanonéier Gottlieb Hurra an dem Ketti aus der Operette d'Mumm Séiss.

2017 „Mei Freier ass e Schueschtegféer!“ aus der Operette De Scholdschäin.

2018 „Juchhei! Ech sinn de blannen Theis!“ eng Erënnerung un e 'fahrende Sänger' aus daer Zeit.

Bestelle kann een de den Teller duerch lwwerweise vun 20 € op ee vun onse Konten:

bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

oder Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

oder bei der BGL-BNP Paribas:

IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

Vermierk: Teller Mumm Séiss



Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelten Teller Ouschterméindeg, den 28. Mäerz 2016 op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais, vu mueres 08:00 bis 12:00 Auer).

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, seng Bestellung an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 29. Mäerz bis den 1. Abrëll 2016 ofzehuelen, vu mueres 09:00 Auer – 12:00 Auer.

De Comité Alstad, d'Éimaischen an och Aneres (8)

Zesummegehallt vum Claude Esch

■ 1946

Fir d'éischte Kéier no der Liberatioun, ass d'Éimaischen erëm um Fëschmaart. Als Virfeier vun der Éimaischen gouf et op Karsamschdeg owes um Rouscht e Concert vun der „Grönnesch Musek“. Ouschtersonndeg am spéiden Nomëtteg huet d'„Fanfare Grand-Ducale de Clausen“ e Concert gespillt, an owes huet de „Sang & Klang Paffendall“ e Concert gesongen. Um „Lentzen Eck“ huet d'Puert engem schonn entgéint geliicht. Si wor nei ugestrach, well d'Preisen hatten se, Gott sei Dank, net



eweck gepucht. Eng Schësselche mat engem Péckvillchen, besser konnt een net eng nei Serie vun Éimaischenssouvenirén ufänken. Eppes Stacklëtzebuergesch, entworfen an ausgeféiert vum Lëtzebuurger Kënschtler Léon Nosbusch, aus Lëtzebuurger lerd, a gebak an aler Nouspelter

Traditioun, verkaf zu Gonschte vun der Oeuvre Nationale Grande-Duchesse Charlotte.

Esou hat d'Stad Lëtzebuerg am Luxemburger Wort vu Méindes, dem 15. Abrëll an Donneschdes, dem 18. Abrëll 1946, d'Éimaischen annoncïert:

Emais'chen 1946

Die traditionelle Emais'chen wird kommenden Ostermontag wieder zum ersten Male seit der Befreiung in dem ihr seit Jahren eignen Rahmen auf dem Fischmarkt abgehalten.

Die Stadtverwaltung

STÂD LËTZEBURG

Letzeburg. 18. Abröl. E Meindeg ass Emaischen! Ewei virum Krich ass d'Eimaischen dest Joer nés um Fëschmârt. Péckvillercher get et, a vill schein a gudd aner Sachen. An de Caféen gesit der bekannt Gesichter, dei al Lidder gin nés gesongen ann d'Schnôke vu fre-er gin erzielt. Iwerhapt, e Gank iwert d'Eimaischen ass ewe e Gank durch dei al Zeit. Schons um Lentzen Eck licht lech d'Pârt vun der Eimaischen entge-nt. Si go'f nei ugestrach, well d'Preisenhaten se bei de Rebbi geluecht. Am Wôpe vun der Part ass de Peckvillchen, ann op der Eimaische get et Péckvillercher ze kafen. Dest Joer kritt der och Péckvillercher op engem Aschenteller, den an der aler No'spelter Mane-er fabriziert ass. Macht lech matt Zeiten bei, ewell e-schtens ass den Aschenteller sche-n, zwétens ass en guddekâf ann dröttens get e verkaft fir d'Oeuvre Nationale Grande-Duchesse Charlotte. Samschdes a Sonndes ass, als Optakt fir d'Eimaischen, Concert vun onse Faubourgs-Muséken a Gesankvereiner um Fëschmârt. D'Programme bringe mer no. Also: fir d'Eimaische gi mer all op de Fëschmârt!



■ 1947

Anscheinend gouf net vill Reklam gemaach fir d'Éimaischen. An den Archive vun onse Lëtzebuurger Zeidungen ass bal näischt ze fannen, grad esou wéi an den Archive vum Comité Alstad. T'ass awer sécher, datt de Comité Alstad mat engem Stand derbäi

wor. Den zweeten Éimaischenssouvenir aus der Hand vum Léon Nosbusch, eng Schësselchen mat an der Mëtt als Motiv en Ouschterlamm, gouf fir e gudden Zweck verkaf.

■ 1948

Als Optakt vun der Éimaischen 1948 ass traditionunggeméiss Ouschtersonndeg um sechs Auer owes e Concert opgefëiert ginn vun der Clausener Musek, ënnert der Direktioun vum Här P. Schonckert. Eppes Neits op der Éimaische woren d'Glécksrieder. D'Leit konnten un engem Rad dréien, a wann et op der richteger Plaz gestoppt huet, hat een e Goldfësch gewonnen. Um Stierche gouf et nomëttes e Kayakslalom. An dem Joer sinn zwee Éimaischenssouvenire verkaf ginn. Den Erléis wor fir d' Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Den éischte Souvenir wor eng quadratesch Plättchen, modelléiert an hiergestallt vum Léon Nosbusch. Si huet als Dekor d'Figur vun der Melusina an de Welle vun der Uelzecht. An der Hand hält si de Schlëssel, mat dem si, ewéi et an der So steet, kënnert erléist ginn. Eng zweet Plättchen hat als Motiv e Pærdskapp. Den Entworf stammt aus der Hand vun der Prinzessin Marie-Gabrielle. Et gëtt erzielt, d'Prinzessin wir dacks beim Léon Nosbusch am Atelier gewiescht, wann déi Plättercher gebrannt goufen. Dës Plättchen wor eng Rarität fir d'Sammler. Et koumen nëmme 25 dovun an de Verkaf. D'Stad Lëtzebuerg hat dem Comité Alstad e Subsid vun 3000 Frang accordéiert.

■ 1949

23. Januar: Groussherzoginsgebuertsdag an 30 Joer Trounjubiläum vun der Grande-Duchesse. De Comité Alstad participéiert um Fakelzuch mat engem Won, op dem eng grouss Maquette opgebaut wor. D'Maquette war vum Musée geléint (de Georges Schmitt wor Conservateur am Musée), a finanzéiert gouf déi ganz Sach vun de Fëschmaarter Geschäftsleit. Op de Säite vum Won wor ze liesen: „D'Nôper aus der Alstädt“, an iwert der Maquette wor de Kroun mat der Joereszuel 30. Ouschterméindeg, Dag vun der Éimaischen: Och dëst Joer huet d'Clausener Musek den Optakt fir d'Éimaische gemaach mat engem Concert op Ouschtersonndeg am spéiden Nomëtteg. De Musée huet eng Ausstellung gewise mat iwver 50 Biller, Fotoën a Saachen, wéi et virun en etlech 100 Joer an der Alstad wor. De Paschtouer Lucien Schaack hat speziell fir d'Éimaischen eng 64 Säiten déck illustréiert Brochure „Unsere Liebe Frau am Fischmarkt“ erausbruecht, déi op der Éimaische fir 20 Frang verkaf gouf. Den Erléis wor fir d'Restauratioun vun der Méchelskierch. Den Éimaischenssouvenir, vum Léon Nosbusch entworfen, an a sengem Atelier zu Nouspelt fabrizéiert, wor dat Joer en aparte Krou mat engem Medaillon vum „Wëlle Mann“. Verkafspräis: 50 Frang.

